

"Wéi laang nach?..."

"Wéi laang nach?...", voilà le nom d'une association pour la défense du parler luxembourgeois en Lorraine ou du francique luxembourgeois, comme on dit de l'autre côté de la frontière en pays thionvillois. Le nom même de ce mouvement indique que le francique, non seulement le francique luxembourgeois mais aussi le francique mosellan et rhénan, sont en déclin et ont même peine à survivre. Nous publions un entretien avec Jo Nousse, militant de ce mouvement, mais aussi musicien qui a participé au groupe folk 'Geeschtematt' et qui anime aujourd'hui le groupe rock 'Tutti Futti' qui vient de sortir un CD: Trans-Eurock Express. Ce disque est, comme il est dit dans sa présentation, "un itinéraire rock à travers l'Europe: un mélange détonnant en français, francique, italien, grec, arabe, allemand, anglais, ... Langues officielles, langues minoritaires ou méconnues, langues issues des immigrations."

Jo Nousse se veut résolument interculturel, le combat qu'il mène contre l'Etat centralisateur français, contre sa politique énergétique et Cattenom, contre son école et la répression culturelle des minorités, n'est ni passiste, ni de droite. Il s'inscrit dans une Europe des régions, et prend donc à la lettre les propos que les hommes politiques aiment à tenir, sans en mesurer toute l'envergure. Aussi les hommes politiques luxembourgeois et même les défenseurs de la langue luxembourgeoise comme Lex Roth (voir encadré) se sentent mal à l'aise s'ils se voient confrontés aux revendications des minorités luxembourghophones de nos pays voisins. Nous reproduisons de larges extraits d'un entretien entre Mars Barthelmy et Jo Nousse qui a été diffusé en juin dernier sur Radio ARA. En règle générale les entretiens de "forum" qui sont menés en luxembourgeois sont par la suite transcrits en allemand ou en français, dans le présent cas nous n'avons pas fait de traduction, cependant nous n'avons pas réussi à conserver les accents et intonations spécifiques du luxembourgeois parlé par Jo Nousse.

ARA: Wéi nennt Der déi Sprooch eigentlech déi Der schwätzt?

u sech kaum ee betraff, an dat heescht also, datt déi Sprooch d'Gefor leeft ze verschwannen.

Jo Nousse: D' Hecke Franzosen, also déi Franzosen, déi Lëtzebuergesch schwätzen a Lëtzebuergesch als Mammesprooch hun, soen et wier Lëtzeburger Platt oder op Franséisch "francique luxembourgeois", wat eigentlech de linguistesch prezise Numm as. An der Géigend vun Diddenewen, an dat wësse vill Lëtzeburger a Lëtzeburgerinne nët, gin et ongeféier 35.000 Leit déi Lëtzebuergesch als Mammesprooch hun; 80% vun den Awiner, déi méi wéi 35 Joer hun, hu Lëtzebuergesch als Mammesprooch. Wéi ech z.B. an d'Schoul gange sin, konnt ech keen eenzegt Wuert franséisch, grad ewéi all d'Kanner vum selwechte Joergank, déi mat mir an d'Schoul gange sin. D'Lëtzeburger hu Schweregeeten ze bekäppen, datt d'Lëtzeburger Sprooch méi wäit wéi d'Lëtzeburger Grenze geet an datt der vill méi dës Sprooch schwätzen, wéi si mengen.

ARA: Déi 35.000 Leit, vun deenen Dir schwätzt, si jo all schon e bësschen méi al. Vun deene jonke Leit as

Jo Nousse: Nee, dat hun ech nët gesot. Fir déi Leit vun 30 Joer un, war dat nach hir Mammesprooch. Haut sin nach vereenzelter, déi et als Mammesprooch hun, mee fir déi Kanner, déi elo an de 90er Joren op d'Welt kommen, as dat nët méi wouer. D'Lëtzeburger Sprooch as a Frankräich, a Lothréngen ganz, ganz ennerdrecht. D'Lëtzeburger Sprooch huet bal kee Recht, z.B. an der Schoul as Lëtzebuergesch verbueden an suguer streng verbueden; an de Verwaltungen natiirlech och. Um Gericht kann ee nët Lëtzebuergesch schwätzen. An der Post därf een och nët Lëtzebuergesch schwätzen (obwuel et an deene kleng Dierfer gemeet gët). Mee haut gin déi kleng Posten zougemeet an et gët nëmme méi Posten an deenen décken Dierfer. Lëtzebuergesch as wiirkelech eng Mannerheetssprooch an alles gët vum franséische Stat ennerholl, fir dat d'Lëtzeburger Sprooch stierwe soll a Frankräich. Normalerweis, gesetzlech gesin, soll Frankräich an de Schoulen déi regional Sproochen nët ennerstëtzen, awer *prendre en compte*,

dat heescht, datt trotzdem iwerall a Frankräich eng minimal Garanti besteet, fir datt déi Sproochen an de Schoulunterrecht abegraff gin. Mee a Lothrénge as dat nët de Fall, well déi verschidde fränkesch Dialekter - well et gëtt nët nëmmen lëtzebuergesch a Lothrénge geschwat, mee och z.B. muselfränkesch an der Géigend vu Boulay, Bouzonville, a rheinfränkesch vu Forbach bis op Wissembourg am Elsass. Am Département de la Moselle sin 350.000 Leit, déi fränkesch Dialekter schwätzen, - enner deene 10%, déi lëtzebuergesch schwätzen. All déi Leit hu bal kee Sproochrecht, kee Kulturecht. D'Lëtzebuurger Sprooch existéiert nët fir de franséische Stat, well de franséische Stat seet: "Dir hutt eng germanesch Sprooch, de schrëftlechen Ausdrock vun der germanescher Sprooch as Däitsch; Däitsch as jo Unterrechtssprooch a Frankräich, dann hut Der also kee Problem. Är Sprooch as a Begräff geholl. Da gëtt et kee Sproochproblem a Lothrénge."

ARA: Mee as dat och esou mat lëtzebuergesch?

Jo Nousse: Wann der d'Leit aus der Diddenewener Géigend frot, déi soen all: déi Sprooch schreift sech, mir schreiw wéi d'Lëtzebuurger schreiw, déi offiziell Schrëftform. Mir schwätzen a schreiw Lëtzebuurger-Platt, mee déi Leit vun der Administratioun behaapten, et géif nëmmen eng *forme unique* vun der germanescher Sprooch a Frankräich an zwar Däitsch. Also, déi franséisch Verwaltung seet exact dat selwecht wéi d'Nazi gesot hun am 2. Weltkrich, et wär eng däitsch Sprooch. De *recteur* huet en Text geschriwwen iwwert d'*Politique de l'enseignement de la langue régionale*, wou kloer gesot gëtt, datt et e schlëmme Feeler as ze soen, datt de schrëftlechen Ausdrock vun deene verschiddenen fränkeschen Dialekter am Département de la Moselle Däitsch as. Wat nach méi schlëmm as, as datt de *rectorat* vun Nancy-Metz Bezéiungen mat dem Ministère de l'Education Nationale vu Lëtzebuerg opgehol huet an datt vu Lëtzebuerg iwwerhaupt kee Protest géint déi Situatioun gemaach gin as. Déi offiziell Stellung vu Lëtzebuerg as déi: et gëtt näischt déi Säit der Grenz.

ARA: Méngs De nët, dat wär vläicht manner schlechte Wëllen wéi Nët-Informatioun?

Jo Nousse: A nee, dat as kloer schlechte Wëllen. Datt d'Leit duerch déi Assimilatiounspolitik, déi bedriwwen gëtt, kee lëtzebuergesch méi schwätzen as natiir-

lech als éischt de Feeler vun der franséischer Administratioun. Awer a Frankräich zum Beispill gëtt nach katalanesch geschwat, an déi Sprooch as gerett gin vun der Generalidad de Catalunya, also vun enger Regioun vu Spuenien, wou kloer gesot gin as: Also wann dir wirtschaftlech Bezéiungen tëschent Frankräich a Katalonien wëllt, da Punkt 1, *conditio sine qua non*, da muss d'katalanesch Sprooch geschützt gin.

Lëtzebuerg huet dee Courage nët dat ze soen. Et gëtt jo awer ekonomesch Bezéiungen zu Frankräich, et gëtt Dausende vu Grenzaarbechter, déi all Dag op Lëtzebuerg schaffen kommen, da misst Lëtzebuerg dach och soen: éischt Konditioun: d'Lëtzebuergesch muss respektéiert gin. Wat kloer as fir d'Awunner aus der Thionviller Géigend, dat as datt d'Schlëssle vun der Sproochsituatioun hei a Lëtzebuerg sin, mee Lëtzebuerg as nët de Schlessler fir déi d'Diren opzeman, well kee politesche Courage do as, fir de Franzosen ze soen, si missten e klengen Effort man, fir d'Sprooch ze retten.

ARA: Sin eigentlech vun Ärer Organisatioun schon *Démarche* gemat gi bei Lëtzebuurger Politiker? Et gëtt a Lëtzebuerg och Politiker, déi sech z.B. op EG-Niveau grad fir Sproocheminoritéiten an Europa ganz ferm asetzen.

Jo Nousse: Ech si Member vum deem Veräin, deen sech asetzt fir d'Lëtzebuurger Sprooch, fir d'Interculturalitéit a Lothrénge, an deen och géint de Rassismus kämpft. Dee Veräin heescht "Wéi laang nach?" an en as eng vun deene gréisste Sproochorganisatiounen aus der Géigend - et gin 7 fränkesch Kulturveräiner a Lothrénge - a mir hu natiirlech Kontakt mat Lëtzebuerg. Mee et as onheemlech schwéier mat Lëtzebuurger Verantwortlechen a Verbindung ze kommen; et as méi einfach op Paräis ze kommen wéi no Lëtzebuerg an dat as e bëssche komesch. Wann ee vun der Saach vun der lëtzebuergescher Sprooch am Ausland schwätzt, da soen d'Lëtzebuurger ëmmer "non-ingérence". D'Mënscherechter schwätzen vu Kulturrechter a vum Recht op déng Sprooch, vun *ingérence humaine*, mee Lëtzebuerg wëllt déi Rechter nët iwwergrenzlech schützen.

ARA: As et eigentlech nët schon ze spéit fir eppes ze machen? Du sooss bei de Kanner as vläicht kee méi do, deem *séng Mammesprooch nach lëtzebuergesch as*. As da nach eng Nofro do, fir z.B. an de Schoule lëtzebuergesch z'enseignéieren?

Jo Nousse: Ech si Schoulmeeschter an enger Schoul zu Thionville a gi lëtzebuergesch Couren, obwuel d'Administratioun ëmmer Problemer mecht, mee enfin... 95% vun den Elteren hu sech dofir ausgeschwat, datt lëtzebuergesch soll gemeet gin. A menger Schoul sin et z.B. 20% vun den Elteren, déi op Lëtzebuerg schaffen gin. Et bestin och vill Privatschoul, di vu Lothrénge offréiert gin (nëtt vu Lëtzebuurger) an offiziell Couren vun der Erwuessebildung, déi ëmmer voll besat sin. Déi lescht Zäit mat Europa an och well Lëtzebuerg déi lescht Rettungsinsel a punkto Aarbechtsplazen as, as d'Lëtzebuurger Sprooch neess vill besser ugesin.

ARA: Vläicht as dat och d'Ursaach, datt vun offizieller Säit sou vill Retizienz as. Et könnst ee jo och fäierten, datt wa Lëtzebuerg géif esou eng Politik vertrieben: lëtzebuergesch an déi franséisch Schoulen,

Offensiv virgoen? Neen!

... Hei uewen an der Iwwerschrëft steet e kloren an däitlechen Neen. Firwat? Mä well d'Actioun-Lëtzebuergesch (noweisbar!) ni wollt an och nët wëllt an d'Aktivitéiten eragezu gin, déi näischt mat eiser Sprooch bannent eise Staatsgrenzen ze din hun. Dat huet näischt mat 'mëll, weech oder laxisatesch' ze din; mir halen äis an eisem Veräin säin gudde Numm a geruede Wee aus alle politesche Froen eraus. Wann d'Regierungen oder d'offiziell Autoritéiten vun der Regioun Saar-Lor-Lux, der Belsch a Rheinland-Pfalz engker eppes mam Lëtzebuergeschen als Regional-Sprooch am Schna hun a mir gin offiziell fir eng Mataarbecht gefrot, da si mir prett, äis dat ze iwwerleën. Fir den Ament gesäit et nët dono aus, also wäerte mir äis schwéier hidden, äis d'Fanger an deer Deeg-Mull pecheg ze machen. ... De Fändel fir eis Sprooch droe mir ganz gär a mat Häerz a Léift hei am Land. Iwwer eis Grenzen - a wa si nach esou affewäit op sin - do kritt keen äis als Heim-ins-Reich-Aktivist an eraus!

Lex Roth

datt direkt de Reproche géif kommen, Lëtzebuerg wéilt sech do ausbreeden, vuerdatt et scho wirtschaftlech sou e fernen Impakt op Är Regioun huet an da kéim och elo nach e kulturellen Impakt dobäi, am Genre Lëtzebuerg an de Grenzen vun ech weess nët wéini oder Grousslëtzebuerg ...

Jo Nousse: Wann ee geseit, wéi wéineg d'Lëtzeburger Regierung am Ausland kämpft fir di eege Sprooch, da brauch ee wiirkelech nët ze fäerten, datt et en dueblen Imperialismus vu Lëtzebuerg a Lothrénge gët. (...) Vun der Belsch kommen all Dag 17.000 Leit a Lëtzebuerg schaffen a vu Lothrénge 12.000. Do misst dach een de Courage fannen fir ze soen, d'Belsch a Frankräich missten d'Lëtzeburger Sprooch an hire Länner respektéieren. Dat as keng Fro vun Ingérence oder vun Autonomismus, dat as einfach d'Basis fir datt déi Sprooch nët kapott gemeet gët. Ech fannen et verréckt, dat Lëtzeburger mat deenen ech schwätzen, mech froen: Ma wou hues de da lëtzebuergesch geléiert? Déi wëssen nët, datt et Leit am Ausland gët, déi lëtzebuergesch als Mammesprooch hun. D'Areler Land as e bësschen méi bekannt, mee vun deenen 35.000 Leit a Lothrénge, déi esouguer kämpfe mussen fir lëtzebuergesch ze schwätzen, wëssen se näischt. Wann een a Lothrénge op lëtzebuergesch akafen geet, da gët ee queesch gekuckt. 'T as sou schwéier lëtzebuergesch a Lothrénge ze schwätzen wéi arabesch.(...)

ARA: Hu Der eigentlech Kontakter mat deene Leit aus der Belsch? Do gët et jo och eng Associatioun "Areler Land a Sprooch", déi mat deene selwechte Problemer ze kämpfen huet wéi Dir?

Jo Nousse: Mir hu natiirlech iwwergrenzlech Kontakter, obwuel d'Geschichte vun onse Veräiner nët déi selwecht sin. "Wéi laang nach?" huet z.B. scho laang am Kampf géint Cattenom, am Kampf géint Rassismus Stellung geholl, während "Areler Land a Sprooch" méi e rengen Kulturveräin as. Awer déi zwee Veräiner, obwuel se ganz verschidde sin, hun trotzdem déi selwecht Opfaassung vun der Zukunft vun der Sprooch, d.h. wa vu Lëtzeburger Säit näischt ennerholl gët, datt d'Sprooch am Ausland endlech Rechter kritt, dann as et ... 'tutti futti'. (...)

ARA: Am Frankräich as jo allgeméng e Problem vu Sproocheminoriétéiten. Besteet eigentlech do eng Zesummenaarbecht vun deene verschiddene Gruppen, nët nëmmen a Lothrénge, mee och a Südfankräich asw.?

Jo Nousse: Natiirlech, zumools wou lo op europäischem Plang déi Mannerheetssproochen endlech a Begräff geholl sin, säit der europäischer Konvention iwwer Regional- a Mannerheetssproochen. Déi meescht europäesch Länner hun dës Konvention ennerschriwwen - och Lëtzebuerg - Frankräich natiirlech nët, Groussbritannien nët an d'Türkei nët. Et gët lo Druck gemeet vun de bretonesche, katalanesche an och lothréngesche Bewegungen, datt Frankräich endlech soll dës Konvention ennerschreiwen.

ARA: Wivill Leit sin eigentlech concernéiert vun deem Problem? Frankräich zielt 60 Millionen Awwunner ...

Jo Nousse: A ganz Frankräich sin ongeféier 25%, 1 Persoun op 4, méi oder wéineger abegräff mat enger

TuTTi

FuTTi



Regionalsprooch. Wann een do nach d'Bevölkerung dobäizielt, déi vun der Immigratioun kënnt, dann huet ee méi wéi een Drëttel vun der Bevölkerung mat enger duebler Kultur. A wann een da geseit, wéi wéineg de franséische Stat déi Kulturen a Begräff hëllt, as dat wiirkelech erstaunlech.

ARA: As de Problem nët deen, datt gefaart gët, datt dat ganz zu Separatismus féiert?

Jo Nousse: Et as kloer, datt a Korsika eng Saach vu Separatismus as an dat 25% vun der Bevölkerung fir Onofhängegkeet sin. Och an de franséische Kolonien as et kloer, datt et eng mënschlech a sproochlech Ennerdréckung gët. Et as och kloer, datt am Norden vum Baskeland eng ganz staark Onofhängegkeetsbewegung as. Awer an anere Géigenden as den Onofhängegkeetskampf quasi null. A Lothrénge gët et jhust ee kleng Veräin, dee vläicht fir Lëtzebuerg as, mee effektiv hun déi kee Gewiicht. (...)

ARA: Wéi gesin dann elo konkret Äer Fueederungen aus? Wéi géng Der Iech en idelaen Zoustand virstellen?

Jo Nousse: Fir d'alleréisch muss am franséische Gesetz stoen, datt Lëtzebuergesch eng vun de Sproochen vu Frankräich as. Bal all Sproochen hun hire Numm an iergendengem Gesetz - bal 120 Sproochen, mee lëtzebuergesch steet nët dobäi. Dat as déi éischt Basis, datt formell vun franséische Stat gesot gët, et gët eng lëtzebuergesch Sprooch, déi en Ausdrock a Frankräich huet. D'Basis dat as déi *réparation historique*, datt dee ganze Schued, déi Kulturannerwäertegkeet vun eiser Sprooch vun franséische Stat

endlech mol formell ofgewëscht gët, datt Frankräich seet: "Jo, do as eng Sprooch, déi as scho säit 15 Jorhonnerten do, an déi muss Rechter kréien." Vun deem Moment u kënnen d'Leit endlech mol opotmen, d'Sprooch de Kanner bäibréngen an op der Strooss mat de Leide schwätzen.

Méi konkret Fuerderungen: z.B. an der Schoul wëlle mir, datt Schoulmeeschter a -meeschterinnen eng speziell Bildung kréien an do kann och Lëtzebuerg hëllefen, fir z.B. e Wanderunterrecht an den Dierfer ze maachen.